Mir gesinn, a mir si ganz oft schockéiert doriwwer, datt ee gesäit datt zéng Milliounen Euro un en Administrateur bezuelt ginn, well e muss goen, well en d'Gesellschaft bal an d'Faillite gesat huet, an de klengen Actionnaire, d'Salariat wat eventuell entlooss muss ginn, dat kuckt där Saach no an huet keng Rechter. Ech mengen dat wier eng Situatioun déi inakzeptabel ass an dofir muss légiféréiert ginn, fir datt esou Situatiounen net hei zu Lëtzebuerg an an Europa d'Regel ginn.

Dofir mengen ech, Här Minister - a mir hoffen dat als ADR -, datt d'Regierung endlech aktiv gëtt, Neel mat Käpp mécht an d'Rechter vun de minoritären Aktionäre schützt, hinne méi Rechter gëtt fir an d'Gesellschaften ze intervenéieren an datt déi Wierder, déi Ausso vum Albert Frère net méi däerf d'Leitmotiv si vun der Gesetzgebung hei zu Lëtzebuerg.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als leschten Diskussiounsriedner ass den Här François Bausch agedroen. Den Här Bausch huet d'Wuert.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Här President, ech fannen dat e ganz wichtege Sujet, deen den Här Fayot a seng Fraktioun haut de Mëtteg op den Ordre du jour setze gelooss huet, an et ass elo relativ vill geschwat ginn iwwert d'Protektioun vun de klengen Aktionären am Zesummenhang mat OPAen.

Ech fannen déi Argumentatiounen, déi vum Här Fayot an och vun aneren hei schonn ubruecht gi sinn an déi och an d'Richtung ginn, datt een do misst légiféréieren, alleguer richteg, a meng Fraktioun deelt déi Approche. Mä ech mengen awer, datt dat awer am Endeffekt insgesamt net de wesentleche Punkt ass, wann et drëms geet d'Protektioun vun de petits actionnaires hei ze garantéieren, well fir mech ass et awer zimlech kloer, datt déi beschte Protektioun vum klengen Aktionär nëmmen eng Kéier ka garantéiert ginn, wann de klengen Aktionär och déi néideg uerdentlech Informatiounen huet.

Informatiounen huet, wéi d'Bourse fonctionnéiert, Informatiounen huet, wat Aktië sinn, wat d'Ënnerscheeder sinn tëschent den Aktien an den Obligatiounen, fäeg ass an enger Dageszeitung zum Beispill d'Cotatioun vun der Bourse ze liesen. Alles Saachen, déi menger Meenung no eigentlech immens wichteg sinn an eng wesentlech Viraussetzung misste sinn, wann een d'Décisioun hëlt an d'Richtung ze goe fir säin Erspuertenes, zumools säi klengt Erspuertenes an deen doten Domän ze investéieren.

Et ass esou datt an deene leschten 20 bis 25 Joer zu Lëtzebuerg effektiv vill geschitt ass hei, dat de klenge Spuerer incitéiert huet ewechzekomme vu méi engem defensive Spueren, d'Spuerbuch an esou weider, all déi Forme vun defensivem Spueren, déi d'Lëtzebuerger eigentlech ëmmer gewinnt waren. Dat war natierlech haaptsächlech duerch d'Loi Rau a virun allem duerch d'Erweiderung vun der Loi Rau, wéi d'Loi Rau iwwergaangen ass, andeems och konnten iwwert d'Loi Rau Suen investéiert ginn a Lëtzebuerger Investitiounsfongen.

Ech mengen Dir wësst all, ech brauch lech dat jo awer net ze erklären, eréischt dat huet de Boom ausgeléist zu Lëtzebuerg an d'Leit incitéiert an déi Richtung ze goen, aus enger ganz einfacher Erklärung: Well een natierlech iwwert d'Investitiounsfongen de Risiko ka besser verdeelen, besser streeën, dat heescht net esou grouss ass fir deen eenzelne Klengspuerer, dee jo och vun der Bank gréisstendeels eigentlech - loosse mer soen - d'Observatioun vum Marché ewechgeholl kritt. D'Bank mécht déi eigentlech fir hien oder misst se fir hie maachen. An deem Gesetz, an där Législatioun huet zu Lëtzebuerg - wéi gesot - och an där Hinsiicht munches bougéiert.

Wann een awer d'Praxis kuckt, wéi se hei zu Lëtzebuerg op der Finanzplaz existéiert, och bei de Banken, da muss een awer feststellen, dass d'Informatioun vum Client méi wéi ze wënschen iwwreg léisst. Et ass zwar wahrscheinlech schwéier elo do eng contraignant Législatioun ze maachen, déi d'Banken insgesamt dozou unhält eng besser Informatiounspolitik vun de Clienten ze maachen an deem dote Beräich. Eigentlech misst menger Meenung no eng Bank selwer vu sech aus och do e méi grousse Stellewäert drop leeën. Et gëtt och aner Finanzplazen - ech wëll drop hiweisen -, wou dat scho vill besser gemaach gëtt wéi zu Lëtzebuerg, wann et ëm kleng Spuerer zum Beispill geet. Mä dat ass awer eigentlech kaum de Fall.

Et brauch een nëmmen de folgenden Exercice ze maachen: Gitt muer op iergendeng Bank hei zu Lëtzebuerg an da sot Dir, Dir wéilt gäre Geld investéieren. Da gitt Dir nach beschtefalls gefrot, a wat fir eng Richtung Dir ongeféier wëllt goen, ob Dir wëllt ganz defensiv goen oder mëtteldefensiv oder ganz offensiv wëllt Äert Geld uleeën. An da kritt Dir e Katalog an de Grapp gedréckt an da musst Dir kucken als Klengspuerer mat deem Katalog do eens ze ginn. An ech behaapten awer emol - ech woen ze behaapten -, dass de Gros vun de Klengspuerer, déi dee Schratt maachen, net wëssen, wat an deene Kataloger steet an deenen Termen net mächteg sinn, fir dës Kataloger auserneen ze huelen, oder ze verstoen, wat se do explizéiert kréien.

Dat heescht, fir eis misst den Usaz virun allem do geschéien, um Niveau vun der Informatioun hei vum Consommateur, an deem dote Beräich, well nëmmen, wann d'Transparenz - dofir ass och am Här Fayot senger Proposition de loi deen éischte Volet vun der Transparenz an der Informatioun menger Meenung no deen allerwichtegsten - an d'Informatioun garantéiert gi sinn, dann eréischt ass et de Leit méiglech och bei verschiddenen Investissementer vläicht opzepassen, jee nodeem wéi verschidde Saache bougéieren, a verschidden Investissementer vläicht jee nodeem net virzehuelen oder relativ séier hiert Geld bei verschidden Investissementer, déi se gemaach hunn, da vläicht erauszezéien.

Et muss een och soen, dass et an deem dote Beräich an eiser Schoul extrem hapert. Eise Schoulsystem ass iwwerhaapt ganz wéineg drop ausgeriicht, fir esou praktesch Informatiounen wéi dat doten ze ginn, mir hunn zwar elo eng International School of Finance gegrënnt, mä déi ass fir Professionneller ausgeriicht. Eisen normale Schoulsystem bilt an deem dote Beräich relativ schlecht aus. Dat ass bedauerlech, wann ee weess, wat fir eng Envergure virun allem d'Investitiounsfongen op der Finanzplaz Lëtzebuerg hunn. Mir sinn eng vun deene gréisste Finanzplazen op der Welt, wat d'Investitiounsfongen ubelaangt.

Wann een dann och nach weess, dass mer zwar elo vläicht d'Loi Rau ofgeschafen hunn, mä en drëtte Pilier am Rentesystem geschafen hunn, dee jo, wéi mir konnten an deene leschte Méint héieren, e formidable Succès ginn ass, wou iwwer 20.000 Kontrakten ofgeschloss gi sinn, wou och erëm eng Kéier deen dote Volet jee nodeem a wat fir eng Richtung ee sech seng Rent wëllt ofsécheren, erëm eng grouss Roll wäert spillen, wann een dann och nach weess, dass natierlech et hei ëm den drëtten Alter geet, dat heescht ëm Gelder geet, déi d'Leit jo uleeën, fir eng Kéier spéider an hirem Liewen dovunner ze profitéieren, da muss ee soen, hunn ech wierklech meng Zweifelen, dass och do déi Transparenz an déi Informatioun ëmmer garantéiert ass. Ech hu meng Zweifele bei allem Avis favorable, deen ech ginn zu der Gesetzgebung, déi mer do geschafen hunn, an déi ech och begréissen a wou ech et och gutt fannen, dass mer dee Boom do erliewen, an domadder jo och eigentlech en neie Konjunkturhiewel fir d'Finanzplaz um nationalen Niveau geschafen hunn.

Dofir - wéi gesot - ass dem Här Fayot seng Initiativ eng excellent Initiativ. Wéi ech vun de Majoritéitsspriecher héieren hunn, schénge jo och bei der Regierung hei gewësse Gedankegäng ze lafen. Ech hoffen, dass mer virun allem op deem dote Gebitt an der nächster Zäit eppes hei kënnen änneren. Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Justizminister Luc Frieden.

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Regierung huet Ären Ordre du jour ze respektéieren a mécht dat och haut wéi och bei anere Geleeënheeten, trotzdeem stellt d'Regierung sech Froen iwwert den Zäitpunkt an d'Opportunitéit vun dëser Heure d'actualité. An dat aus zwee Grënn.

Éischtens ass déi Affär, déi hei den Ophänker vun dësem Débat war, fir de Moment unhänglech virun der Cour d'appel. Et ass - mengen ech - net gutt, wann een um Prinzip vun der Gewaltentrennung festhält, dass een hei Plaidoirien och par personne interposée zu Affären hält, déi virun de Geriichter diskutéiert ginn, voire, dass een hei Positiounen hëlt, déi deem engen oder deem aneren an esou enger Affär kéinte schueden.

Dat Zweet firwat ech mengen, dass den Zäitpunkt vun dëser Heure d'actualité schlecht gewielt ass, dat ass, dass hei eng Rei Froen un d'Regierung gestallt gi sinn, esouwuel vun dem Här Fayot wéi vun aneren, déi d'Regierung duerch mäi Mond scho beäntwert huet. Notamment kréien ech hei de Mëtteg dräimol d'Fro gestallt, ob d'Regierung géif drun denken eng Gesetzgebung an där dote Matière ze maachen. Or an deene Question-parlementairen, déi ech beäntwert hunn, respektiv zesumme beäntwert hu mat dem Statsminister, huet d'Regierung gesot, dass se drun denkt esou eng Gesetzgebung ze maachen. Mir hunn dat och gesot am Kader vun Entrevuen, déi mer hate mat Organisatiounen, déi d'Actionnaire-minoritairen vertrieden, wéi virun dräi Woche mat INVESTAS, an dat ass och duerch e Communiqué vun der Organisatioun matgedeelt ginn.

Ech kann also haut nëmme confirméieren, dass d'Regierung gewëllt ass op dee Wee ze goe vun esou enger Gesetzgebung iwwert de Schutz vun den Actionnaire-minoritairen. Ech confirméieren also dat, wat mir virun dräi Wochen dem Parlament matgedeelt hunn, fir déi, déi d'Question-parlamentairen net nëmme stellen, mä och d'Äntwerte liesen.

Zum Inhalt kann ech och dofir nach eng Kéier ganz kuerz dat confirméieren, wat ech och an deene Question-parlementairë geschriwwen hunn. Éischtens ass d'Regierung der Meenung, dass eist Recht och haut eng Rei vu Grondprinzipie kennt, Principes généraux du droit, déi ganz kloer fir den égalitairen Traitement vun all Mënschen, déi an där nämlechter Situatioun sinn, antrëtt. Dat si Prinzipien, déi engersäits Principes généraux du droit sinn, an anerersäits sinn dat och Prinzipien, déi an europäesche Cours-de-conduiten zënter méi wéi zwanzeg Joer stinn. Et kann een déi selbstverständlech an enger Gesetzgebung nach confirméieren, mä déi bestinn an den Ae vun der Regierung.

Et ass richteg, dass eng Rei Nopeschlänner eng Gesetzgebung doriwwer gemaach hunn, a mir ginn och op dee Wee. Ech wëll nach eng Kéier soen, dass ech awer och mengen, dass et eng gutt Manéier ass, wann een national Gesetzer mécht, dorop ze waarde wat op europäeschem Plang gemaach gëtt. Net bis Mokussdag, mä wann ee weess, dass een zur gläicher Zäit op Sitzungen op Bréissel fiert fir iwwer en Text ze diskutéieren an da seet mä parallell maache mir elo en Text onofhängeg vun deem, wat zu Bréissel geschitt, da mengen ech, dass dat eng schlecht Method wär. Ech sinn och dovunner iwwerzeegt, dass den Här Fayot als iwwerzeegten Europäer awer och der Meenung ass, dass een op eng Direktiv waart, an dann e Gesetz mécht.

Ech hu gesot, mir waarden net bis Mokussdag, och dat hu mer an der Question parlementaire gesot. Et ass awer esou, dass deen zweeten Essai vun der Proposition de directive vun der Kommission iwwert d'OPA elo e bësse méi virukomm ass. Wann déi Groupe-de-travaile weider gutt dru schaffen, da soll deen Text nach eng Kéier um Conseil de la Compétitivité vun Enn November op den Ordre du jour kommen. Et ass iwwregens net erstaunlecherweis de Conseil vun de Justizministeren, dee soss fir d'Gesellschaftsrecht zoustänneg ass, mä dat heite funktionéiert ënnert dem Kontext vum Marché intérieur an dofir geet et op de Conseil vun der Kompetitivitéit, wou Lëtzebuerg duerch de Wirtschaftsminister vertruede gëtt.

Dann ass natierlech och dat eng Direktiv, déi d'Zoustëmmung vum europäesche Parlament brauch, souwuel um Conseilsniveau wéi um Niveau vum europäesche Parlament. Et sinn awer nach eng ganz Rei Froen op. Fir Lëtzebuerg, notamment, ass eng wichteg Fro déi, wat fir eng Rechter e Stat kann hunn, deen Aktionär ass a Gesellschaften op déi dann och eng OPA ka gemaach ginn. De Stat ass Aktionär an enger Rei vu wichtege Lëtzebuerger Gesellschaften, a mir wäerten dofir suergen, dass do och déi Intérêten souwäit wéi méiglech kënne bewahrt ginn.

Wann déi Direktiv net an deenen nächste Méint, virum Enn vum Joer géing ech soen, ofgeschloss gëtt, da maache mer dat, wat mer an der Question parlementaire geschriwwen hunn, da schreiwe mer a finaliséieren esou eng Gesetzgebung, no deene Grondprinzipien, déi mer haut scho kennen, nämlech e gläichen Traitement vun Aktionären, fair a gläich Präisser an enger gewëssener Period, sechs oder zwielef Méint - doriwwer muss ee schwätzen.

Selbstverständlech och genügend Informatiounen, ech mengen, den Här Bausch huet drop higewisen, dat ass och fir mech e wichtege Punkt, Transparenz an där ganzer Matière ass wichteg fir dass jiddferee sech ka mat deenen nämlechte Mëttelen op deem Marché ophalen.

Ech stellen haut fest, dass sech hei e breede Konsens ronderëm déi Froe bilt, dass also déi kleng an déi grouss Kapitalisten haut an dësem Parlament vill méi Ënnerstëtzung hunn, wéi dat an der Vergaangenheet de Fall war. Dat mécht eis op jiddfer Fall d'Aarbecht méi liicht, wa mer dann déi Gesetzgebung an deenen nächste Méint, hoffentlech fir d'éischt um europäesche Plang an dann um nationale Plang, ëmsetzen. Ech soen lech merci.

M. le Président.- Domadder wär dëse Punkt ofgeschloss a mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4922 iwwert d'Publicité foncière. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht an et sinn agedroen: déi Häre Krecké, Graas an Urbany. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Claude Wiseler.

6. 4922 - Projet de loi relative à la publicité foncière et portant modification

- de la loi du 26 juin 1953 concernant la désignation des personnes et des biens dans les actes à transcrire ou à inscrire au bureau des hypothèques;
- de la loi du 30 mars 1979 organisant l'identification numérique des personnes physiques et morales;
- de la loi du 9 août 1980 relative à l'inscription des testaments

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Claude Wiseler *(CSV), rapporteur*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, et handelt sech hei ëm e ganz techneschen Text, en Text deen och nëmmen en Deelaspekt ass vun engem Gesamtprojet. D'Regierung ass amgaangen e gréisseren informatesche Projet ze maachen, fir d'Publicité foncière an de Grëff ze kréien. Wat heescht dat? Mä dat heescht dass d'Regierung wëllt d'Modernisatioun vun de Gestiounsprozedure maache fir Immobilientransferte méi sécher a méi effikass kënnen ze gestalten.

Dësen Text deen haut zur Debatt steet ass dann och nëmmen eng éischt Etapp, déi eng Rei fundamental Froe kläert fir kënnen an där Prozedur vun der Modernisatioun weiderzefueren. Si erlaabt ganz einfach weiderzekommen. Et geet drëm, en Informatiksystem opzebauen, wou déi dräi Haaptacteuren, déi am Fall vun Immobilientransferten agräifen, Accès hunn. Den Informatikstraitement soll an Zukunft méi sécher a fiabel sinn, schnell an effikass kënne gestalt ginn.

Wou si mer haut mat deem Gesamtprojet drun? Haut ass et esou, dass e Problem nach besteet, an dat ass dee vun der Mise à jour vun den Donnée-cadastralen, vum Fichier cadastral. Do ass e Retard, mä et ass awer wichteg dass déi Donnéeën do sinn, well déi sinn d'Basis fir den automatiséierte Fonctionnement ze gestalten. D'Regierung huet zesumme mat der Kadasteradministratioun e Plan d'action gemaach, fir esou schnell wéi méiglech domadder fäerdeg ze ginn, fir dann d'Matrice an de Plan cadastral à jour ze hunn, fir kënnen och déi ganz Aktiounen hei an hirer Gesamtprozedur ze maachen.

Dësen Text, wéi gesot, ass elo net e komplette juristesche Kader fir d'Integralitéit vun deem Projet an d'Praxis ëmzesetzen, mä en ass eng Dispositioun déi noutwendeg ass fir elo dës Etapp ze maachen. D'Haaptzilsetzung dovunner ass dass eng ofgeséchert Identifikatioun vun eenzelne Persoune ka gemaach ginn. Haut ass et esou, dass d'Gesetz vun 1953 eis keng total Ofsécherung erlaabt, well den Text vun 1953 einfach seet, dass wa Persoune sollen identifizéiert ginn, dat selbstverständlech mat dem Numm, dem Virnumm, dem Gebuertsdatum an der Adress soll geschéien. Dat ass sécher, mä dat ass net 100%eg sécher. Dofir dësen Text.

Dësen Text soll dann och e Schrëtt weidergoen an d'Autorisatioun gi fir Gebrauch ze maache vun dem Gesetzestext vum 30. Mäerz 1979 iwwert déi zentral Identifikatiounsnummer. Jiddferee weess, dass jiddfer eenzel Persoun eng zentral Identifikatiounsnummer huet, déi vum Centre informatique ausgedeelt gëtt, wou jiddfereen eenzel nëmmen eng huet a wou jiddfereen awer och eng huet, sou dass do mat ganz grousser Prezisioun an Ofsécherung déi Identifikatioun ka gemaach ginn. Déi Identifikatiounsnummer huet natierlech och

de grousse Virdeel, dass se vill besser informatesch gebrauchbar ass.

Et ass also elo drëm gaangen dëse Gebrauch fir déi dräi Haaptacteurë vun den Transfert-immobilieren ze autoriséieren. Dat heescht engersäits fir de Kadaster, op där anerer Säit fir den Enregistrement an drëttens selbstverständlech och fir alleguer d'Notairen, respektiv iwwert d'Notairen eraus dat wat ee Créateur-d'acten nennt, well jo och d'Gemenge respektiv de Stat selwer kënnen Akte kreéieren. Also den Notairen oder nom Terme général de Créateur-d'acten. Et ass also drëm gaangen deenen dräi Acteuren d'Autorisatioun ze ginn op där enger Säit, mä et ass awer och drëm gaange kloerzestellen, wien an där ganzer Prozedur d'haute Responsabilitéit vun deenen eenzelnen Akten dréit.

Wat d'Motivatioun ugeet ass et och ganz kloer gewiescht an der Kommissioun, dass do absolut kee Problem entstanen ass. D'Transaktioune fir d'Proprietéit korrekt, uerdentlech a mat Sécherheet ofzeséchere si ganz kloer an däitlech eng Mission d'intérêt public. A wann déi hei nei Prozedur déi Korrektheet besser garantéiert, dann ass et evident dass et richteg ass.

Am Konkreten, wat steet an deem Text? Mä eng Änderung vum Gesetz vum 26. Juni 1953 „concernant la désignation des personnes et des biens dans les actes à transcrire ou à inscrire au bureau des hypothèques", wat ëmgeännert gëtt fir éischtens deen Numero bäizeschreiwen, fir d'Identifikatiounsdonnéeë bei Transaktiounen oder Inscriptiounsoperatiounen also ze erlaben, an zweetens e Recht ze schafe fir dass jiddfereen och d'Méiglechkeet huet, wa Feeler doranner waren, Ëmännerungen ze froe fir Iertëmmer an Oublié fir sech perséinlech dann an deem Fichier ze exigéieren.

Zweetens gëtt och nach d'Gesetz vum 30. Mäerz 1979 ëmgeännert iwwert d'„identification numérique des personnes physiques et morales", wou einfach nei definéiert gëtt wien d'Identifikatiounsnummere ka gebrauchen. Am Text steet elo „tout service public" op där enger Säit - dat stong och scho virdrun dran -, „tout officier public et tout autre créateur d'actes" an drëttens „tout établissement de sécurité sociale luxembourgeois". Dat deckt also d'Komplettheet vun deenen, déi an dësem Kader vun der Identifikatiounsnummer musse kënne Gebrauch maache fir déi Actes de transfert immobilier besser ze maachen, of.

Drëttens gëtt och nach an deem Text d'Responsabilitéit fir d'Gestioun festgeluecht. Den Text wéi en a senger leschter Versioun hei virläit gesäit vir, dass do de Kadaster engersäits, den Enregistrement op där anerer Säit an d'Notairen, respektiv d'Créateur-d'acten als leschte Partner d'Responsabilitéit iwwerhuele fir déi Akten déi si maachen. Dat war déi eenzeg länger Diskussioun déi mer an der Kommissioun haten, déi de Conseil d'Etat och duerch verschidden Avise matgefouert huet, well am Originaltext vun der Regierung stoung, dass den Enregistrement fir déi ganz Prozedur sollt responsabel si. De Conseil d'Etat huet awer gemengt, dass den Enregistrement net kéint responsabel gi fir Aarbechten déi aner Administratioune géinge maachen. Eis Kommissioun war och d'accord mat där Propositioun, esou dass elo hei festgesat ginn ass, dass jiddfer Acteur d'Responsabilitéit vu sengen Akten dréit. Dobäi ass et selbstverständlech, dass de Centre informatique de l'Etat duerch säin organescht Gesetz och fir de materiellen Deel vun deene ganzen Transaktiounen, dat heescht fir déi ganz Informatiksäit d'Responsabilitéit selbstverständlech an Zukunft wäert droen.

Voilà, dat e puer Explikatiounen zu deem somme toute techneschen Text an engem Saz. Et geet also drëm fir déi Transferten hei méi sécher ze maachen, fir einfach den Acteuren ze erlaben d'national Identifikatiounsnummer kënnen ze gebrauchen. Dat ass de Résumé vun där ganzer Technik an engem Saz. Ech soen lech merci fir d'Nolauschteren an ech gi selbstverständlech och heimat den Accord vun der CSV-Fraktioun zu dësem Text.

M. le Président.- Als éischte Riedner ass den Här Jeannot Krecké agedroen. Den Här Krecké huet d'Wuert.

Discussion générale

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zum Fong vun deem Projet ass u sech, mengen ech, net vill ze soen. Et ass eng ganz gutt Iddi déi dräi Acteuren, wann een esou wëllt, vu Mutatiounen, matenaner ze verbannen. Dat ass nëmmen ze begréissen. Ech muss allerdéngs soen, dee Projet do ass och scho bal zéng Joer al mëttlerweil a mir dinn eis einfach schwéier mat der Ëmsetzung vu gudden Iddien déi mer hunn. Déi Leit, déi dee Projet an d'Welt gesat hunn, Mëtt der 90er Joren, hate somme toute eng avantgardistesch Approche an där ganzer Saach, an ech muss einfach feststellen, dass mer haut am Fong geholl e Projet de loi hei stëmmen, géint deen een a priori net ka sinn, mä wou een einfach d'Bedauere muss ausdrécken, Här Minister, dass mer eis nach wie vor schwéier di mat der Ëmsetzung vun enger Iddi, déi och nach eppes ze dinn huet mat Informatik. Et stellt ee fest, dass ëmmer da wann et d'Informatik ass, mir et net fäerdeg brénge virunzekommen.

Elo si mer bal zéng Joer amgaangen domadder. Mir sinn, ech géing soen, vläicht e Schrëtt weider mä och nach net vill méi wäit. Dofir mäi Bedaueren doriwwer. Ech muss och soen, dass eng Rei Leit vun eis Bedenken hate well mer déi Nummer aus dem Répertoire national am Fong geholl elo fir eng ganz Rei Saache gebrauchen. Ech verstoppen net, dass eenzel Leit bei eis Bedenken hunn, dass déi Nummer elo permanent gebraucht gëtt. Ech perséinlech hu keng Bedenken dogéint. Dofir war ech och an der Kommissioun kee vun deenen déi hir Bedenken ausgedréckt hunn.

Et war och d'Fro gestallt ginn awéifern déi Kommissioun, déi mer an d'Liewe geruff hunn, iwwert d'Protection des données nominatives net hätt misse gefrot ginn. Et muss een allerdéngs feststellen, dass d'Prozedur schonn esou laang um Niveau vun der Chamber läit an net méi an den Hänn somme toute vun der Regierung war, dass d'Regierung net ka responsabel gemaach ginn. Mir mussen eis mat der eegener Nues huele wa mer net higaange sinn a gegebenenfalls déi Kommissioun ëm hiren Avis gefrot hunn. Dat gesot, Här Minister, brénge ech den Accord vu menger Fraktioun, woubäi eenzel Leit awer hir Bedenken hunn iwwert d'Utilisatioun vun deem Nummer. Ech muss dat am Numm vun eenzelne Kolleegen hei ausdrécken.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Gusty Graas agedroen. Den Här Graas huet d'Wuert.

M. Gusty Graas *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Informatik gewënnt ëmmer méi u Bedeitung am Verwaltungsberäich. Et sinn an deene leschte Joren eng Rei vu Projeten hei gestëmmt ginn. Entgéint deem wat mäi Virriedner elo hei behaapt huet sinn ech allerdéngs der Meenung, datt vill Effortë gemaach goufen. Ech wëll op e rezent Gesetz hiweisen, wat awer och eng gewësse Bedeitung, besonnesch am Intérêt vun de Betriber huet, wou et jo elo méiglech ass zënter dem 1. Juli zum Beispill d'TVA-Deklaratioun iwwer online dem Enregistrement eranzeginn.

Haut stëmme mer u sech och erëm eng Kéier e Gesetz wat där ganzer Entwécklung Rechnung dréit, well et zu enger Vereinfachung vun administrative Prozedure bäidréit.

D'Bautätegkeet ass hei zu Lëtzebuerg nach wie vor héich, esouwuel fir de Wunnengsbau, wéi awer och fir d'Immeubles vu Büroen an och fir de Commerce, wat natierlech dann e ganz groussen administrativen Aarbechtsopwand mat sech brénght. Besonnesch um Niveau vum Kadaster waren et an deene leschte Joren eng Rei vu Retarde ginn. Ech beruffe mech hei op Aussoen, déi op eng Äntwert vun enger Question parlementaire gemaach goufen. Esou waren zum Beispill Enn Abrëll vun dësem Joer nach 475 Mesurë vun Emprisen am Suspens. Dovu waren der 320 méi wéi dräi Joer al, an d'Haaptursaach vun deem Retard wier, datt d'Regionalbüroe sech virun allem ëm Bauplaze bekëmmert hunn, an och ëm Emprisë fir d'Nordstrooss, respektiv fir d'Saarautobunn, an dofir si jo och regelméisseg Soumissioune gemaach ginn, fir datt dat um Niveau vum Privatsektor kënnt realiséiert ginn.

Et muss een allerdéngs och hei ënnersträichen, datt jo awer déi ganz Dokumentatioun vum Kadasteramt wäitgehend informatiséiert ginn ass, an datt mer um europäesche Plang u sech och eng privilegéiert Situatioun do anhuelen.

Mir liewen nun eben an enger Welt, déi ëmmer méi komplex gëtt, wou et och normal gëtt, datt vill Saache musse répertoriéiert ginn, an dat brénght mat sech, datt mer eis musse mat villen Nummeren ofginn.

D'Gesetz vun 1979 hat jo déi sou genannten eelefstelleg Nummer agefouert. Dat heescht also niewent dem Gebuertsjoer nach de Mount, den Dag an nach eng dräistelleg Zuel hannendrun. Ech wëll iwwregens hei nach eng Kéier drun erënneren, datt schonn 1965 déi deemoleg Regierung sech Gedanke gemaach hat, fir esou eng Nummer anzeféieren.

Elo soll also duerch dëst Gesetz dann eben déi Nummer och bei verschiddenen Akte bäigesat ginn, wat u sech eng logesch Konsequenz ass vun der Entwécklung vun där Multitude vun administrativen Aarbechten, déi musse gemaach ginn. Natierlech muss ech an deem ganze Kontext awer och gewësse Froen iwwert den Dateschutz hei stellen, an och froen ob dës Bestëmmungen net kënnen zu Abüe féieren, obwuel ech do keng gréisser Problemer gesinn.

Mir hunn natierlech och keen anere Choix, well wa mer wëllen um administrative Wee méi effizient schaffen, dann ass et gutt, wann een op esou e System kann zréckgräifen.

Et ass och gutt, datt an dësem Gesetz den Terme vu Responsable du traitement net gebraucht gëtt, an datt u sech d'Gestioun op déi dräi Haaptacteure verdeelt gëtt.

Och wann, wéi gesot, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dëst Gesetz vun enger relativ bescheidener Envergure ass, ass et awer fir eis dach vun enger grousser Importenz, an dowéinst wäerte mer als Demokratesch Partei och d'Zoustëmmung ginn, net awer ouni nach dem Kolleeg Claude Wiseler merci ze soe fir säi mëndlechen a schréftleche Rapport.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Serge Urbany agedroen. Den Här Urbany huet d'Wuert.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, dat Gesetz hei ass elo zimlech gutt theoretesch duergestallt ginn. Ech wollt e klenge Bäitrag liwweren iwwert de prakteschen Aspekt vun där ganzer Fro.

Ech weess net ob schonn ee war op der Nummer 67 an der Rue verte zu Gaasperech, de Minister vläicht. Dat ass déi Plaz an engem neie Building vis-à-vis vum Lëtzebuerger Wort, wou déi Servicer, vun deene mer hei schwätzen, ënnerbruecht sinn. Niewent enger Bank an engem Policebüro sinn do elo d'Actes civils, den Hypothéikebüro 1 wat d'Circonscriptioun vum Zentrum betrëfft, den Hypothéikebüro 2 wat de Süde betrëfft, an och d'Successiounen.

Déi Servicer ware virdrun zentral an der Stad situéiert, um Hellegeescht-Plateau an den ale Kasären. An ech hu festgestallt, op där neier Plaz, wou déi Servicer elo sinn, gëtt et en immense Problem vun Zougank fir de Publikum, eng ganz einfach banal praktesch Fro, et sinn nämlech keng Parkplaze ronderëm, an an der Rue verte, do wou keng Haiser sinn, eng Strooss, déi an d'Wisen eraféiert, wéi den Numm et seet, ass et einfach verbueden ze parken. An da gëtt et nach eng ganz Partie Parkplaze ronderëm dat Gebai, déi sinn alleguerte privat verlount. Et kann een och versichen do an esou e Parkhaus eranzefueren. Da gëtt ee ganz séier ëmgedréint an et kritt ee gesot, dat wären d'Parkplaze vun der Bank. Dat heescht, fir déi Leit, déi dee Service public, vun deem mer hei schwätzen, wëlle benotzen, gëtt et keng Parkplazen. Déi éischt Parkplaze sinn an der Zone résidentielle hannert dem Lëtzebuerger Wort, an déi sinn deier, wann ee sech dohinner stellt ouni eppes an d'Fënster ze leeën. Dat ass ganz richteg.

Ech hunn och festgestallt, et ass iwwregens ganz schwéier mam Bus dohinner ze kommen. Bis elo waren déi Servicer jo relativ zentral geleeën. Dat war kee Problem. Et ass also e reelle Problem vun Accès zu deem Service public. A wéi et schéngt wieren och manner Utilisateuren elo do, zënter dass dat Gebai op där neier Plaz ass. Et wiere manner Leit do, déi géifen déi Servicer an Usproch huelen, hunn ech mer soe gelooss. An do ka jo vläicht de Minister dann emol Opschloss ginn iwwert déi Fro.

Ech mengen, dat sinn onzoumuttbar Zoustänn. Et ginn och nach aner Problemer op där Plaz.

(Interruptions diverses)

M. le Président.- Loosst de Riedner schwätzen. Déi aner sollen nolauschteren.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Et ass och nach e Problem, hunn ech festgestallt, vu Confidentialitéit, wann ee bei dee Guichet do kënnt. Do ass zum Beispill de Guichet vum Steierbureau 11. Deen ass verbonne mat engem Lautsprecher mat der Galerie, wou een dann dra steet, wou déi Guicheten alleguerte sinn, an do ass absolut keng Confidentialitéit garantéiert, well do héiert een alles verstäerkt nach duerch dee Lautsprecher, alles wat de Steierzueler schwätzt mat deem Beamten, deen hannert deem Guichet sëtzt.

Ech fannen, esou soll net e Service public ausgesinn. Dann ass et gutt theoretesch ze schwätzen iwwer e Gesetz, mä et muss een och kucke wéi dee Service an der Praxis funktionéiert. Well ech mengen, wéi wichteg dee Service ass, vun deem mer hei schwätzen, dat gëtt jo och an deem Gesetz hei erkläert. Deen ass dofir do fir d'Publicité légale ze organiséieren. Zum Beispill wat d'Propriété immobilière ugeet, kann do all eenzelne Bierger higoen an eng Kopie vun engem Akt froe géint moderat Kopieskäschten oder Renseignementer froen iwwert iergendee Stéck am Land.

Et war iwwregens e Service, deen ëmmer virbildlech funktionéiert huet, hunn ech fonnt, a punkto Zevirkommenheet a Frëndlechkeet vun de Beamten, déi do schaffen. Dofir wier ech net frou, wann dat duerch esou Hindernisser an Zukunft net méi garantéiert wier.

Déi Reform, déi mir also hei solle stëmmen, betrëfft d'Aféierung vum Numéro d'immatriculation nationale an de Beräicher vun der Publicité foncière, vun der ziviler Publicitéit, wat zum Beispill Uerteeler ugeet, oder an der Publicitéit vun den Testamenter. Esou sollen déi eenzel Parteie vun esou Akte kënne besser identifizéiert ginn. Ech hunn natierlech näischt auszesetzen un deem Gesetz u sech, wat ech och stëmme wäert, et muss een awer genau verfollegen, wéi déi Reform do soll weidergoen, well et ass jo gesot ginn, et ass nëmmen den éischten Deel vun enger Reform.

Ech mengen, et muss och weiderhin, Här Minister, garantéiert sinn, dass d'Leit alleguerten zu abordablen Tariffer Zougank zu deene Regëstere kréien, an dass déi net nëmmen de Professionnelle virbehale bleiwen, zum Beispill den Notairen, mä dass se och weiderhi sollen opbleiwe fir d'Leit alleguer, well et däerf net esou sinn, dass et op eemol niewent dem Steiergeheimnis och nach en Immobiliengeheimnis zu Lëtzebuerg gëtt. Esou eppes huet ee séier geschafen, op d'mannst de facto, wann esou Servicer schlecht funktionéieren, oder wa se Tariffer hunn, déi een net ka bezuelen, oder wa se zum Beispill géife privatiséiert ginn. An dass esou eppes net aus der Loft gegraff ass, dat hu mer jo gesi beim Registre de Commerce, dee privatiséiert ginn ass.

Voilà, dat wier dat wat ech dozou ze soen hätt. Ech mengen, et muss ee weiderhi verfolge wéi et weidergeet mat där Législatioun.

Dee Problem, deen ech hei opgeworf hunn, hunn ech net opgeworf fir d'Galerie ze amëséieren, mä ech fannen deem Problem soll de Minister och vläicht emol op de Fong goen, well dee betrëfft awer eng Partie Leit.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Justizminister Luc Frieden.

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget.*- Här President, no deenen Erklärunge vum honorablen Här Wiseler hunn ech inhaltlech näischt bäizefügen. Ech mengen deen Text ass uerdentlech erkläert ginn an d'Regierung seet der Chamber merci fir déi breet an unanime Zoustëmmung, déi zu deem Projet hei ausgedréckt ginn ass.

M. le Président.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikele vum Projet de loi a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 bis 8 si gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen elo of iwwert de virleiende Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi derfir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen, oder si enthale sech.

De Projet de loi 4922 ass eestëmmeg ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener (par M. Jean-Marie Halsdorf), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Nico Loes (par M. Lucien Clement), Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), MM. Jeannot Belling (par M. Niki Bettendorf), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Claude Meisch), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. John Schummer) et John Schummer;

MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Jeannot Krecké), Mme Lydia Mutsch (par M. Jean-Pierre Klein), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener;

M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Da komme mer elo zur Diskussioun vum Projet de loi 5121 iwwert déi Lëtzebuerger Participatioun u verschiddenen internationale Fongen. Et si schonn ageschriwwen: déi Häre Krecké an Urbany. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Lucien Clement.

7. 5121 - Projet de loi relatif à la participation du Grand-Duché de Luxembourg
- à la 13e reconstitution des ressources de l'Association Internationale de Développement
- à la 3e reconstitution des ressources du Fonds pour l'Environnement Mondial
- à la 6e reconstitution des ressources du Fonds International de Développement Agricole

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Lucien Clement *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zënter dem leschte Krich ass Lëtzebuerg Member vun ëmmer méi internationalen Entwécklungshëllefsorganisatioune ginn. Aus esou enger Memberschaft ergi sech, ausser moraleschen an administrative Flichten, virun allem awer där, déi éischter finanzieller Natur sinn. Duerch méi oder manner regelméisseg zousätzlech finanziell Engagementer maachen se sech awer och an eisem Budget bemierkbar. Fir elo awer d'Fro ze beäntwerte firwat, muss een als Erklärung dat heite soen.

Dës Finanzorganisatiounen, wou d'Suen hifléissen, ginn deenen aarme Länner prioritär Prêten ouni Zënsen. Dës Prêtë ginn awer eréischt no 40 oder 50 Joer zréckbezuelt. Doduerjer hëlt logescherweis selbstverständlech och d'Verméige vun dësen Organisatiounen of. Fir datt elo awer dës Organisatioune weiderschaffe kënnen, muss vun deene méi räiche Länner oder vun deene méi räiche Memberstate regelméisseg Kapital opgestockt ginn. Genee dës Opstockung vum Kapital vun dräi internationalen Organisatiounen ass den Objet vun dësem Projet de loi.

Déi éischt Organisatioun, där mer duerch dëse Projet de loi Sue wëlle ginn, fir dass se hiert Kapital erëm reconstitutéiere kann, ass d'Association Internationale de Développement. Se gouf 1960 gegrënnt a véier Joer méi spéit huet d'Lëtzebuerger Chamber de Bäitrëtt vum Grand-Duché zougestëmmt. Dës Organisatioun ass primär zoustänneg géint d'Aarmutt. Dës Länner hunn en Duerchschnëttsakommes vu pro Kapp a pro Joer vun 875 Dollar. Dës Kreditter sollen ënner anerem Investitiounsprojeten an dëse Länner finanzéieren, déi direkt d'Liewensbedingunge vun de Leit déi do wunne betreffen. Heifir ginn ongefëier 80% vun dëse Finanzmëttele genotzt an 20% dovu si virgesi fir bei Naturkatastrophen ze hëllefen. Se ginn dofir zur Verfügung gestallt.

Duerch déi sou genannten 13. Reconstitution des ressources sollen déi finanziell Ressourcë vun der Associatioun ëm insgesamt 18 Milliarden DTS, dat heescht Droits de tirage spéciaux, opgestockt ginn. Déi räich Memberstate mussen 10,02 Milliarde vun dësen Droits de tirage droen. De Rescht kënnt vu Reserven oder aneren Einnahmen, déi d'Associatioun huet. D'Part vu Lëtzebuerg ass elei op 0,1% festgeluecht ginn, wat dann 10,2 Milliounen DTSe sinn, déi zu engem festgeluechte Cours vun 1,43546 Euro gerechent ginn. Déi vu Lëtzebuerg geschëllten Zomm beleeft sech ëmgerechent op genee 14.380.000 Euroen. Dës Sue sinn allerdéngs net beieneen ze bezuelen, mä ginn op sechs Joer, nämlech vun 2003 op 2008 opgedeelt. An der Praxis gesäit dat esou aus, datt de Stat dofir Bons du trésor ausstellt, déi dann herno vun der Associatioun ageléist ginn.

Eng weider Organisatioun ass de Fonds pour l'Environnement mondial, deem Lëtzebuerg säit 1995 zougehéiert. Dëse Fong ënnerstëtzt neiaarteg Aktivitéiten am Beräich vu weltwäitem Ëmweltschutz, virausgesat datt se nohalteg Auswierkungen hunn, wéi zum Beispill de Kampf géint d'Reduzéierung vun der Ozonschicht, de Klimawandel, d'Reduktioun vum Treibhauseffekt, d'Erhale vun der biologescher Vielfalt an de Schutz vun internationale Gewässer. D'Verwaltung an d'Sekretariat vun dësem Fong leien an den Hänn vun der Weltbank.

Duerch déi 3. Reconstitutioun vun de Ressourcë sollen dem Fonds pour l'Environnement mondial insgesamt 2,92 Milliarden US-Dollar zougestane ginn. Lëtzebuerg dréit mat 5,73 Milliounen Euro säin Deel dozou bäi. Och an dësem Fall gëtt de Stat Bons du trésor eraus, déi vum Fong iwwert zéng Joer verspreet ageléist ginn. Et ass vläicht nach heizou ze soen, datt wann een den eigentleche Part vu Lëtzebuerg un dëser Organisatioun kuckt, Lëtzebuerg u sech hätt misse manner Sue bezuelen, mä et ass e gewëssene Beitragsminimum festgesat ginn, an dee brëngt dann och d'Héicht vun der Lëtzebuerger Cotisatioun mat sech.

Schlussendlech als drëtten, de Fonds international du développement agricole. Dëse Fong ass als Resultat vun der Welternährungskonferenz vun 1974 als Spezialagence vun der UNO 1979 gegrënnt ginn. Dëse Fong ass haaptsächlech do fir Aarmuttsbekämpfungsprogrammer am landwirtschaftleche Beräich an den Entwécklungslänner ze betreien, an dat haaptsächlech an Afrika, Latäin-Amerika, der Karibik an Asien.

Un der 6. Reconstitutioun vun de finanzielle Ressourcë vum Fonds international du développement agricole bedeelegt sech Lëtzebuerg mat 510.000 Euro. Am Verglach zur leschter, där 5. Reconstitutioun, ass dat e Plus vun 32%. Och elei geet et iwwer Bons du trésor, déi de Stat erausgëtt, an dat iwwer dräi Joer verspreet, dat heescht 2004, 2005 an 2006.

D'Ziler vun dësen dräi Organisatioune si méi oder manner, kann ee soen, identesch mat der Lëtzebuerger Entwécklungspolitik. Et sinn dat nämlech d'Konzentratioun vun der Hëllef op déi aarmste Staten an op hir wirtschaftlech Entwécklung, mat Schwéierpunkt op d'nohalteg Entwécklung. Ech erënneren drun an dësem Kontext, datt Lëtzebuerg eent vu weltwäit fënnef Länner ass, déi d'UNO-Zil vun der Bereetstellung vu Gelder fir öffentlech Kooperatiounsaarbecht erfëllen. Déi vum Projet de loi virgesinne Beiträg zu deenen dräi Associatioune gehéiere selbstverständlech an dëse Kontext. Wann een elo d'Zommen zesummenzielt, déi mat dësem Projet de loi deenen dräi internationalen Entwécklungsorganisatiounen zougestane ginn, da kënnt een op e sécherlech stolze Betrag vun 20,62 Milliounen Euro. Am nächste Budgetsjoer, dat heescht fir 2004, sinn do 3.367.275 Euro fälleg.

Ausser enger redaktioneller Ëmännerung am Intitulé hat de Statsrot u sech keng Objectiounen zu dësem Projet. Och an der Finanzkommissioun war d'Behandlung onproblematesch. Nodeems mir hei an der Finanzkommissioun en unanimë positive Vote zum Rapport geholl hunn, bieden ech selbstverständlech och d'Chamber dëse Gesetzesprojet an där virleiender Form ze stëmmen.

Iech, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wëll ech da merci soe fir d'Nolauschteren. Ech wëll awer och nach den Accord vu menger Fraktioun, vun der CSV, bréngen.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Jeannot Krecké.

Discussion générale

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Här President, no deem Rapport vum Rapporteur bréngen ech nach just den Accord. Ech mengen d'Duerstellung war esou gutt, dass ech näischt méi brauch hinzuzefügen.

(Interruptions)

M. le Président.- Den Här Graas huet d'Wuert.

(Interruptions et hilarité)

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Ech kann och op d'Bühn goen an nach e bësse méi laang schwätzen, wéi ech souwisou wëlles hat.

(Interruptions et hilarité)

Här President…

Une voix.- Et ass net un lech!

(Hilarité)

M. le Président.- Et ass net um Här Urbany. Den Här Graas huet d'Wuert.

(Interruption)

Neen, den Här Graas huet sech aschreiwe gelooss an dann huet hien d'Wuert elo. Et geet der Rei no.

(Interruption et coups de cloche de la Présidence)

Also, Här Graas, fänkt u wann ech glift an déi aner sollen nolauschteren.

M. Gusty Graas *(DP).*- Här President, och wann dëse Projet vläicht net déi ganz grouss politesch Bedeitung huet an net Interessen ervirrifft, sou däerf een awer trotzdeem net vergiessen, datt en awer eng gewëssen Importenz huet, well schlussendlech gi jo awer bis d'Joer 2012 20,6 Milliounen Euro investéiert. Ech mengen och, datt déi finanziell Situatioun vun eisem Land, déi jo awer ouni Zweiwel am Kontext vis-à-vis vun deenen anere Länner gekuckt, nach ëmmer excellent ass, verlaangt, datt mir och Responsabilitéit iwwerhuele vis-à-vis vu Länner, déi vill méi eng défavorabel Situatioun hunn. An dofir ass et jo och luewenswäert, datt dës Regierung als Zil huet 1% vum PIB als Entwécklungshëllef ze ginn.

D'AID, also d'Association Internationale de Développement huet jo als Zil, och deenen Aarmsten ze hëllefen an do däerf een net vergiessen, datt dat jo awer méi wéi d'Halschent vun der Weltbevölkerung duerstellt. Besonnesch och de Fonds pour l'Environnement mondial, dee jo 1991 geschafe gouf an deem mir duerch d'Gesetz 1997 bäigetruede sinn, huet awer eng ganz grouss Bedeitung. Et däerf ee jo awer net vergiessen, datt et hei ëm Problemer vun enger planetarescher Dimensioun geet, well et geet jo nach dorëm, wéi de Rapporteur dat jo hei schonn ënnerstrach huet, fir Moossnamen ze treffe géint Problemer vun dem Ozon, géint den Treibhauseffekt a virun allem awer och géint d'Verschmotzung vun internationale Gewässer.

Grad um Niveau vum Ëmweltschutz hu mer jo leider awer eng grouss Palett vu Problemer, esou datt et och ubruecht ass fir hei zousätzlech Kreditter nach zur Verfügung ze stellen. Ech wëll drun erënneren, datt dëse Fong 777 Milliounen Dollar an iwwer 150 Projeten investéiert fir eng nohalteg Bewirtschaftung vun de Bëscher op der Welt ze erreechen an d'Zillänner sinn do virun allem China, Costa Rica a Brasilien. An dann däerf een och net vergiessen, dass an den 90er Joren ëmmerhin 90 Milliounen Hektar Bësch verschwonne sinn, dat maachen 25.000 Hektar den Dag. Ech mengen dat sinn also Chifferen, déi een net einfach esou kann iwwergoen. Am Ganzen huet dee Fong bis elo 4,5 Milliarden Dollar an 1.200 Projete gestach, déi an 140 Länner duerchgezu goufen. Doniewent kommen awer och nach Finanzementer fir d'ONGen an Héicht vun 115 Milliounen Dollar.

Ech wëll dann och nach drop hiweisen, datt elo kierzlech zu Havanna décidéiert ginn ass, datt u sech d'Konventioun géint d'Verwüstung iwwert dee Fong och hei soll ëmgesat ginn, an dat heescht, datt an de Joren zwëschen 2003 an 2006 net manner wéi 500 Milliounen Dollar sollen investéiert ginn. Hei sinn och d'Zilgebidder Kenia, China a Latäinamerika. Wéi gesot, dee Projet hei huet also scho seng Bedeitung a vu datt d'Demokratesch Partei jo och dofir bekannt ass, datt se besonnesch en Akzent vun hirer Politik op d'Entwécklungshëllef leet, ass et evident, datt mir dësem Projet zoustëmmen. Ech wëll awer och nach dem Kolleeg Lucien Clement merci soe fir seng schréftlech a mëndlech Erklärungen. Ech soen lech merci.

M. le Président.- Den Här Serge Urbany huet d'Wuert.

Une voix.- Très bien!

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Här President, merci dass ech d'Wuert kréien. Et gesäit esou aus, wéi wann dee Projet hei geduecht wier fir zënslos Kreditter deenen aarmste Länner vun der Welt zur Verfügung ze stellen. Dat ass zwar wouer an engem gewësse Sënn, an engem anere Sënn ass et awer och wouer, dass mat deene Kreditter och eng ekonomesch Politik verfollegt gëtt.

Et steet ganz kloer am Exposé des motifs dran, dass et och ëm d'Restructuration économique vun deene Länner geet, an aus Erfahrung weess een, dass déi Restructuration économique, besonnesch wa se ënner Virzeeche leeft vun der Weltbank, an d'AID, déi Association Internationale de Développement ass eng Filial nun ebe vun der Weltbank - an zwar déi wichtegst -, da weess een, dass et ganz dacks och dozou féiert ze déstructuréieren. An zwar gëtt deelweis d'Ekonomie vun deene Länner och destructuréiert, wat d'Aarmutt verschäerft a wat et erëm eng Kéier noutwendeg mécht, dass d'Entwécklungshëllef sech asetzt fir deenen Aarmsten an deene Länner ze hëllefen. Dat ass also en zimlech widerspréchleche Mechanismus, deen do agefouert gëtt.

Ech stëmmen net dergéint. Ech si selbstverständlech net dergéint, dass aarm Länner sollen zënslos Kreditter kréien, mä ech wäert mech enthale fir op déi Kontradiktioun hinzeweise vun där ganzer internationaler Konstruktioun vun der Entwécklungshëllef.

M. le Président.- D'Wuert huet elo d'Regierung, den Här Minister Luc Frieden.

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soen dem Rapporteur, dem honorablen Här Clement merci fir säin detailléierte Rapport. Ech soen och merci fir déi breet Zoustëmmung, déi dëse Projet an der Chamber kritt. Dëst ass wierklech e groussen Akt vu Solidaritéit, dee Lëtzebuerg weist mat ville Länner an der Welt via international Organisatiounen, wéi d'Weltbank.

Ech weise schäerfstens déi Kritik un Organisatioune wéi der Weltbank zréck. D'Weltbank ass eng Entwécklungsbank - dat Wuert Bank ergëtt en Ausdrock, deen net alles reflektéiert. Dat ass eng Bank, déi hëlleft aarme Länner duerch Programmer zu engem besseren Entwécklungsstadium ze kommen, an ech hu selwer als lëtzebuergesche Gouverneur vun der Weltbank d'Realisatioun um Terrain vun enger Rei vun deene Projete gesinn. Deene Länner geet et haut besser, well se vun der Weltbank gehollef kritt hunn an et ass dofir gutt an noutwendeg, datt Lëtzebuerg als ee vu ville Membere vun der Weltbank hei senger Responsabilitéit nokënnt an dofir soen ech merci fir d'Zoustëmmung déi dëse Gesetzesprojet fënnt.

M. le Président.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikele vum Projet 5121 a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 bis 3 si gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen also elo of iwwert de virleiende Gesetzesprojet.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen, oder si enthale sech.

De Projet de loi ass ugeholl mat 58 Jo-Stëmmen an 2 Abstentiounen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener (par M. Jean-Marie Halsdorf), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler (par M. Norbert Haupert);

Mme Simone Beissel (par M. Niki Bettendorf), MM. Jeannot Belling (par M. Claude Meisch), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Gusty Graas), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. John Schummer) et John Schummer;

MM. Jean Asselborn (par M. Jos Scheuer), Alex Bodry (par Georges Wohlfart), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Mars Di Bartolomeo), Mme Lydia Mutsch (par M. Jean-Pierre Klein), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;